


# Ellergronn

Zwee Kilometer südlech vum Stadkär vun Esch-Uelzecht läit den **Naturschutzzentrum Ellergronn**, agebett tëschent Bësch an Dréchewisen am Naturschutzgebitt mam selwechten Numm.

Hei trëfft alles openeen, wat de Räichtum vum Lëtzebuerger Süden ausmécht: engersäits eng divers Natur an anerersäits de Patrimoine vun der deemoleger Eisenindustrie.

Am Ellergronn ginn et nieft den naturpädagogeschen Aktivitéiten och Aktivitéiten, déi sech mat der Relatioun vu Mënsch, Natur an der Notzung vun den natierleche Ressourcë befaassen.

**Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Ellergronn gëllt:**

- D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- D'Aktivitéite fanne vir- an nomëttes statt an daueren ongeféier 2 ½ Stonnen.
- Bréngt wgl. mat: Fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasste Kleedung.
- Ee Grill steet iech op Ufro zur Verfügung.

ellergronn
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

## Infoen an Umeldung

Forsthaus Ellergronn
L-4114 ESCH/ALZETTE

Tél: 247-56516

ellergronn@anf.etat.lu

# Natur erliewen





## Insektesafari

Wat krabbelt, spréngt a flitt dann do?

Ausgestatt mat enger Becherlupp tauche mir an an d'Räich vu Kiewerlek, Päiperlek a Co. a fannen dobäi eraus wat et alles Interessantes ze entdecke gëtt an der verbuergener Welt laanscht de Wee.


Cycle




Wéini?
Enn Abrëll bis Juli

## Wee schläimt dann do?

Cycle




Wéini?
Oktober
an Abrëll bis Juni


Op all Spadséiergang am Bësch entdecken d'Kanner Schleeken an och wann se net flauscheg sinn, ass bal all Kand un dësen Déieren interesséiert. Obwuel Schleeke lues a schutzlos wierken, sinn se een Erfollegsmodell.

Op spilleresch Aart a Weis gi mir de Spuere vun de Schleeken no.

# Natur erliewen

## De Weier – voller Liewen a Geschichten

Cycle




Wéini?
Juni bis Juli
Dënschdes an donneschdes

Dass a Gewässer och kleng Déiere liewen, ass eis bewosst. Dës Déiercher sinn einfach anzefänken an och ouni Fachkenntnesser kënne mir si betruechten a mi no kenne léieren.





## Beien, déi onermiddlech Teamplayen

Wa mir eng Beiekolonie kucken, fält eis gläich dat onermiddlecht Gesumms vun de Béien op.

Bei eiser Beienaktivitéit kënne mir si ganz genau betruechten a kenneléieren. Mir fanne raus, wisou si fir d'Mënsche liewesnoutwenneg sinn a wéi eng aussergewéinlech Aufgabe si fäerdeg bréngen. Selbstverständlech dierfe mir och e bësse vun deem wat d'Béien hierstellen, naschelen a schmaachen.


Cycle




Wéini?
Juni bis Juli
Am Escher Déierepark

## Fliedermais – geheimnisvoll Jeeër an der Nuecht

Cycle




Wéini?
Ganzjäreg

Si sinn nuets ënnerwee, kënnen am Däischtere gesinn an iwwer hir Liewensweis war laang Zäit wéineg bekannt. Wou liewe Fliedermais, wat iesse si a firwat si se sou wichteg fir eis Ëmwelt? Bei dëser Aktivitéit léiere mir d'Liewensweis vun de Fliedermais kennen.


# Natur erliewen

## D'Déieren an hir Spuren

Pattenofdréck, ugeknabbert Nëss, e Lach am Buedem....
Wee kann dat da gewiescht sinn?

Zesummen op Spueren- an Entdeckungssich bei engem Spadséiergang am Bësch.

Cycle




Wéini?
September bis Enn Mäerz

## Mir léiere Spuere liesen an nogoen

Cycle




Wéini?
Januar bis Enn Mäerz

Mir léiere Spuere kennen, déi hei am Bësch ze fanne sinn a mir léieren op eng spilleresch Manéier, fir deene Spuere kënnen nozegoen. Dono maache mir eis op d'Sich no Spueren a loossen eis iwwerraschen, wat mir alles fannen.

## NaGaNo (Natur ganz no)


Nei!

D'Natur gesäit vu wäitem scho faszinant aus. Vu noem betruecht gesinn d'Saachen awer scho ganz anescht aus.

Mir ginn an de Bësch a sichen no Naturmaterialien di mir ganz grouss wëlle gesinn. Esou léiere mir och wie een e Mikroskop bedéngt.




Cycle





Wéini?
Ganzjäreg

# Natur erliewen

**Nei!**

Cycle




Wéini?
Dezember bis Mäerz

## Déieren am Wanter

Firwat ass et hei am Bësch esou roueg, wou sinn d'Deieren a wat maachen déi am Wanter iwwerhaapt? Genau deene Froe gi mir no. D' Fliedermaus, d'Kaweechelchen an de Fräsch erzielen eis wat si de Wanter iwwer am Ellergronn esou maachen a wou si sech verstoppen.




## Vu Bam zu Bam

Wat ass den Ënnerscheed tëscht enger Eech an enger Bierk? Gesinn all d'Blieder am Bësch d'selwecht aus? Ginn et Kiischte-Beem am Bësch?

Mir sichen déi gängeg Bamaarte vu Lëtzebuerg a maachen een Herbarium. Vläit fanne mir jo och den Eller vum Ellergronn...

Cycle




Wéini?
Mee bis Oktober

# Bësch





## De Bësch entdecken

Kommt an entdeckt mat eis de Bësch mat all senge groussen a klénge Bewunner am Naturschutzgebitt Ellergronn.

Et ass iwwerraschend wat de Bësch alles ze bidden huet.


Cycle




Wéini?
Ganzjäreg

**Nei!**

Cycle




Wéini?
September bis Dezember
Mäerz bis Juli

## Geschichten erzielen am Bësch


Fir Geschichten ze erzielen ass de Bësch dee schéinsten Dekor, deen ee sech ka virstellen. Hei gi mir ganz stëll a loossen eis an op allerhand schéi Geschichten zum Thema Natur. Taucht an an di wonnerbar Welt vun der Fantasie.

# Bësch

## De Bësch mat alle Sënner erliewen

Mir maachen en Tour duerch de Bësch wou mir eis besonnesch op eis Sënner fokusséieren. Einfach lassloossen an de Bësch op ongewinnte Manéier erliewen.


Cycle




Wéini?
Ganzjäreg

## Déi 4 Joreszäiten

Cycle




Wéini?
Ganzjäreg
4x / Joer

Bei dëse véier Aktivitéite geet et drëms, datt d'Kanner wärend dem Schouljoer d'Evolutioun vun engem Weier, engem Bam an enger Wiss dokumentaresch mat Hëllef vun engem Fotoapparat festhalen. Den natierleche Prozess soll genee gekuckt an notéiert ginn.


Wichteg! Bucht fir dës ganzheetlech Aktivitéit wgl. eng Seance pro Joreszäit direkt um Ufank vum Schouljoer.

## Entspanen an der Natur

Dës Aktivitéit bitt de Kanner d'Méiglechkeet Stress a Reiziwwerfloss ofzebauen. D'Kanner ginn dozou ugereegt sech konkret iwwer e längeren Zäitraum op een an der Natur oflaafende Prozess ze konzentréieren, an esou ze entspanen an zur Rou ze kommen.




Cycle




Wéini?
September bis Dezember
Abrëll bis Juli

# Bësch


## Champignon Explorer

Nei!

D’Champignonen spillen eng ganz wichteg Roll an der Natur. Si si kloer d’Meeschteren am recycléiere vun Holz a Blieder an hunn och soss nach aner Aufgaben. Bei dëser Aktivitéit tauche mir zesummen an déi spannend Welt vun de Champignonen.


© CNF Ellergronn

Cycle




Wéini?
Ganzjäreg

# Mënsch a Natur


© CNF Ellergronn

## Wéi Steenzäit Mënsche molen

Wéi virun dausende vu Joren, erschafe mir Konschtwierker mat Äerd, Steng a mat dem wat eis d’Natur nach hiergëtt. Eis Virfare begleeden eis bei dem kreative Prozess.

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?

Ganzjäreg

## Naturschutz: Wat kanns du maachen?

Cycle

1.1 2.1 3.1 4.1

Wéini?

Ganzjäreg

Ouni d‘Natur wiere mir schlecht drun! Dofir wëlle mir iech kleng Gestë bäiléiere fir eis an der Natur ze hëllefen. Kënnt all Knascht an déi selwecht Poubelle? Vu wou kënnt meng Ananas? Wéi kann ech Waasser a Stroum spueren? Dir kënnt mat klenge Schrëtt vill bewierken.


© Eric Devillet


# Mënsch a Natur

## De Biergbau an d'Minnenaarbeschter am Ellergronn

Wëllt dir gär méi iwwer de Biergbau an der Minn Cockerill wëssen?

Da sidd dir bei eis richteg. Kommt an erlieft firwat a wéi d'Minnenaarbechter iwwerhaapt Minetts-Steng aus de Stollen ofgebaut hunn. Wat eng haart Aarbecht!

Cycle





Wéini?
Ganzjäreg




## Feier – en Naturelement, dat faszinéiert


Cycle




Wéini?
September bis Enn Mäerz

Feier ass bestëmmt di spektakuläerst Entdeckung vun der Mënschheet. Mir hunn d'Feier säit éiweg gebraucht a genotzt an et faszinéiert eis nach haut. Feier ass och geféierlech a mir léieren nierft "Feier maachen" och d'Reegelen, déi mir mussen anhalen.

# Team Building





## Natur-Rallye

Bei dëser Rallye ass d'Erliefnis vun der Natur dat Wichtegst.

Mat schaarfen Aen a gespëtztem Bläistëft entdecken d'Kanner wat de Bësch eis bäibrénge kann.

Cycle





Wéini?
Ganzjäreg

## Déierenolympiad

Ass de Bësch langweileg? D'Déierenolympiad wäert iech vum Géigendeel iwwerzeegen!

D'Klass trëtt géint d'Profien aus der Déierewelt un an dobäi vergläiche mir eis Fäegkeeten.

Cycle




Wéini?
Ganzjäreg



# Team Building

## Challenge am Ellergronn 1.0

Cycle




Wéini?
Januar bis Juli

An enger Grupp Aufgabe bewältegen, déi mir nëmmen zesummen als Grupp packe kënnen, dat schweesst eis zesummen. Mir hunn an engem ongewinnte Kader Spaass a léieren eis esou als Grupp besser kennen.

D'Zil ass dass d'Klass an engem geschützten Ëmfeld zu engem Team zesummewuesse kann.


## Schatzsich am Ellergronn

Enger So no hu viru laanger Zäit Minnenaarbechter ee Schatz am Ellergronn verstoppt, deen nach ëmmer net fonnt ginn ass...

Bréngt dir et fäerdeg dëse Schatz ze fannen?

Ouni Begleeder


Cycle




Wéini?
Ganzjäreg

## Kniet a Kloteren

Cycle




Wéini?
September bis Dezember
Abréll bis Juli

Mir léieren dräi Kniet mat deene mir eng Afebréck kënne bauen fir drop ze spillen an ze turnen. Dernieft kënne mir och nach aner Saachen opriichte wéi zum Beispill Schaukelen oder eng Slack-Line. Hei gëtt Teamgeescht a Muskelkraaft gebraucht.




# Team Building

## Schnitzeljuegd am Ellergronn

Als Team léise mir Aufgaben, mir halen zesummen an ënnerstëtzen eis géigesäiteg, fir dass mir de Wee fannen a wie weess, vläicht fanne mir um Enn nach eng Trophée. Kënne mir dat packen? Jo, mir packen dat!
Dat gëtt gutt :-)




Cycle




Wéini?
Ganzjäreg

## Transitioun wéini?

Cycle




Wéini?
Ganzjäreg

Wéi ass den Zoustand vun eisem Planéit? A wéi gesäit et mat de Liewewiesen an der Natur aus?

Maacht iech mam Klimawandel vertraut a realiséiert wéi een Impakt mir Mënschen op eis Ëmwelt hunn.
Dir kritt ee Lückentext mat an d'Ausstellung a sicht, op dräi Stäck verdeelt, no wichtegen Informatiounen iwwer d'Natur, d'Klima an ... ?

Ouni Begleeder

## Missioun Ellergronn


Nei!

Bei dëser Aktivitéit maacht dir als Team een Tour duerch den Ellergronn an ënnerwee kritt der eng Rei Aufgaben ze léisen. Am Accueil kritt der all néideg Informatioune wéi eng Weebeschreiwung a Spiller sou wéi och d'Material, dat dir braucht.

Dës Missioune sinn de verschiddene Cyclen ugepasst!

Ouni Begleeder

Cycle




Wéini?
Ganzjäreg